



**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°7330  
vum 6. Dezember 2022 vum Här Deputéierten Marc Goergen**

Wéi vill Accidenter goufen an de leschten 20 Joren op dëser Kräizung gezielt?

Laut Informatiounen vun der groussherzoglecher Police goufen et op der vum honorabelen Deputéierte beschriwwener Kräizung säit 2014 néng Accidenter mat Kierperschued, dovunner 6 Accidenter mat liicht Blesséierten an 3 mat schwéier Blesséierten.

Déi presuméiert Ursaach vun den Accidenter war an alle Fäll d'Mëssuechtung vun der Virfaart.

Wat hunn d'Ponts et Chaussées an der Vergaangenheet op dëser Plaz ënnerholl, fir d'Verkëierssicherheit ze verbessern? Wéi eng Léisungen ginn aktuell fir dës Kräizung zeréckbehalen?

Als Gerant vum staatleche Stroossereseau, ass eng vu den Attributiounen vun der Stroossebauverwaltung, d'Infrastruktur an engem gudden Zoustand ze halen. Op der Kräizung CR101/CR110 zu Kéinzeg schéngt et awer esou, datt de virleiede Problem op d'Mëssuechte vun de Virfaartsregelen zréck ze féieren ass.

Opground vun der Heefegkeet vun Accidenter, gëtt d'Kräizung momentan enger Analys ënnerzunn, fir méiglech Moossnamen ze proposéieren déi zu enger Verbesserung féieren. Méiglech Mesuren déi sech aus dëser Analys erginn, kenne souwuel reglementarescher wéi infrastruktureller Natur sinn.

Well d'Reglementéierung vum Verkëier inneruerts eng Gemengenkompetenz ass, ass hei och eng Ofstëmmung mat der Gemeng néideg an och schonns an d'Weeër geluecht ginn.

Wéi bewäert de Minister d'Opstelle vu roude Luuchten op dëser Plaz a wéi géif dës Léisungsusaz d'Verkëierssicherheit beanträchtegen?

Wéi richteg vum honorabelen Deputéierte proposéiert, ass d'Opstelle vu roude Luuchten eng vun deene méiglechen Optiounen déi op dëser Plaz zu enger Verbesserung kéinte féieren. Aner Mesuren ginn awer och nach parallel analyséiert.

Wäert de Minister hei bannent dem nächste Joer eppes ënnerhuelen, fir d'Verkëiertssicherheit ze verbessern? Falls jo, wat fir Moossname ginn ënnerholl a bis wéini ginn se ëmgesat?

Wann all d'Analysen ofgeschloss sinn, kann eng Decisioun geholl gi wat op dëser Plaz ubruecht ass fir konkret op déi virleiede Problematik nohalteg ze reagéieren. Am Moment sinn d'Analysen op dëser Plaz awer nach net finaliséiert, sou datt och nach keen Zäitfënster ka genannt ginn an dem konkret Mesurë kennen ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg, den 16. Januar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch